ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 16/05/2025

Commission du vivre-ensemble interculturel vum 13/03/2025

Presenzen

Présent	Absent
Block Stefanie	De Rocco Magali (excuséiert)
Brandenburger Rosie	Ungeheuer – Origer Sylvia (excuséiert)
Kinnen Sandrine	
Leches Max	
Leurart Ann	
Peiffer Véronique	
Pinto Toni	
Ruppert Lydie	
Sadler Marie (Sekretärin)	

1. Pakt Zesummen Liewen :

D'Véronique hellt Kontakt mam Mifa op. D'Véronique freet dass si eis puer Datum Propose maache, fir en Informatiounsowend an der Kommissioun. Soubal mir en Datum hu, gi mir dësen un de Schäfferot weider. Am Moment brauche mir heifir keng weider Demarchen ze maachen a waarden op e Retour vum Véronique.

2. Noperschafts App :

Retour vum Schäfferot : De Schäfferot renseignéiert sech wat d'Käschte sinn och aner Informatiounen a gëtt eis dann e Feedback.
Mir hunn eis d'Fro gestallt op eng Méiglechkeet besteet dës App mat der Helperknapp-App ze fusionéieren. Mir sinn eister der Meenung dass dëst net méiglech ass, vue dass et sech em eng International App handelt.
Des weideren hu mir ausféierlech iwwer d'Vir an d'Nodeeler vun dëser App diskutéiert an och gekuckt op se eng plus value zum Beispill par Rapport zu enger Facebook Grupp huet. Mir sinn zum Entschloss komm dass et gutt fir sech weider iwwer dës App ze renseignéieren an dann eng weider Entscheedung ze huelen.

Helperknapp, 16/05/2025

3. Feedback Wellkommens Patt:

An der Wish Box waren 3 Ziedelen. D'Véronique huet d'Ziedelen doheem léien.

1) Potto zu Brouch rop fir bei d'Schoul
2) De Wonsch méi Sproochecoursen an der Gemeng z'organiséieren. Op sou eppes kann do organiséiert ginn a wou een d'Informatioun kritt.

D'Véronique mëscht eng Foto vun den Ziedelen a schéckt eis dës Foto.
Am grousse Ganze war de Feedback positiv. E negative Punkt war dass d'Iwwersetzung net ideal war, a bësse gestéiert huet. Dëst misst fir d'nächst Joer besser organiséiert ginn. Op de Sliden stoung ze vill Text, et hat een net genuch Zäit fir et ze liesen. Et war ze kompakt, d'Quantitéit muss reduzéiert ginn. Hei ass d'Propose, dass een d'Powerpoint kéint ausdeelen un d'Léit. Et wier och wichteg den Haaptfokus méi op d'Veräiner ze leen.

4. Gemenge Gaart/Gäert

Mir hunn kuerz iwwer d'Iddi vun Gemeinschaftsgäert diskutéiert, sinn awer net weider an de Sujet ragoen an och keng Decisioun heizou geholl.

5. Détail Chrëscht Stäre Verkaaf

De Jean Sadler well sech mat eis zeumme sëtze, fir d'Organisatioun vum Verkaf vun de Chrëscht Stären um Chrëschtmaart besser z'organiséieren. Mir hunn e klenge Feedback iwwer de Stäre Verkaaf um Chrëschtmaart diskutéiert. Am Grousse Ganzen ass de Feedback positiv, et goufe puer Léit déi sech beschwéiert hunn dass et ze deier war oder dass et de Payconiq vun enger privater Persoun war.

6. Divers

Nächst Versammlung:

14/05 um 19:45